1-2021-O-M-6663-01 (n° 3624)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 13. Oktober 2021

Débat sur l'état de la nation

4

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

constatéiert,

- datt de Phänomeen vum Antisemitismus zu Lëtzebuerg staark verbreet ass an et duerch d'Corona-Pandemie zu enger Heefung vun antisemittesche Verschwörungstheorië komm ass;
- datt et inakzeptabel ass, datt Leit, déi sech zum jiddesche Glawe bekennen, hei zu Lëtzebuerg, an dat 76 Joer nom Enn vum Zweete Weltkrich, Affer vun antisemitesche Messagen a vu Gewalt ginn;
- datt antisemittesch Strofdote bis elo net als sollech vum Lëtzebuerger Staat registréiert ginn;
- datt zu Lëtzebuerg jiddesch Ariichtungen net genuch géint potentiell Uschléi geschützt sinn;
- datt et zu Lëtzebuerg ganz allgemeng u fiabelen Donnéeë feelt, fir den Antisemitismus effektiv bekämpfen ze kënnen;

fuerdert d'Regierung op:

- der Recommandatioun vum Europaparlament nozekommen an d'Funktioun vun engem Antisemitismus-Koordinator ze schafen, deen derfir verantwortlech ass, fir déi ënnerschiddlech Moossname géint Antisemitismus ëmzesetzen;
- ee Moossnamekatalog géint Antisemitismus opzestellen.

Fernand Kartheiser